## Et gëtt d'Haassléift. Beim RTL gëtt et d'Iergerfreed! Wéi am richtege Liewen.

# E puer privat 'petites phrases'…

vum jhemp hoscheit *

Ech muss se kucken, d'Noochriichten. Ech muss. Net ëmmer. Awer meeschtens. An egal wéi spéit een owes heem kënnt, et verpasst een se net. Wéivill mol kommen se? Fënnef mol? Wéivill Kéieren sinn dat zevill? Wat kéint een an där Sendezäit net alles bréngen? Theatervirstellungen: integral. Reportagen iwwer aktuell Dossieren: komplett! Diskussiounen iwwer aktuell Themen: kontrovers! Laang Interviewen: grëndlech an ausféierlech.

D'Noochriichten op Télé Lëtzebuerg si Fastnews. Et gëtt fir all Geschmaach eppes. An et geet séier. Alles gëtt opgedëscht: déi national an déi international Politik. Queesch duerch de Geméisgaart. Ouni Systeem: Hongersnout – Fussballauslousungen – Bankeconventiounen.

Dacks seet een sech: – "Stop! Ech verstinn net alles! Méi lues! Wat war dat do?" Awer neen! Den nächste Sujet. Tempo! D'Iwwergäng sinn dacks mat den Hoer erbäigezunn. Oder een Thema kënnt no deem aneren. Ouni Iwwerleedung. Oder e luussege Bléck vum Caroline verréit äis: 'Maurice! Et ass un dir!'

Mir sinn ënnert äis. Kuck, de Félix! Déi Jovialitéit! Bei äis ass et gemittlech. D'Cécile ass nees do! RTL, c'est vous! De Slogan gëlt nach ëmmer. Si suerge fir äis! D'Françoise denkt un eis Varissen. D'Monica – jangligesponsert – schéckt di Kleng mat enger plakeger Bees an d'Bettchen. De Joy – utopolisgesponsert – schéckt äis Popcorn iessen. De Paul Wagner – ministèregesponsert – erkläert d'Kapital. De Max – cactusavuwiemtnetnachallesgesponsert – léiert e franséische Kach Lëtzebuergesch. Vum Maart op den Dësch. An dertëschent, de Félix: vun der Long op d'Zong. D'Meckerkëschten an der Gemeng gi souwisou net opgemeet. Dofir geréit de Marc den Nol op de Kapp. Kommt! Maacht d'radiolëtzebuergesch Valise op! Eng Eegepub kann näischt schueden. Mir sinn eng grouss Famill. A mir gi vun souvill Leit gelauschtert a gekuckt! Merci! Merci! Hu mer iwwerhaapt eng Ursaach, iwwerhieflech ze ginn? D'Zäit leeft! Alles ass Picco Bello! Hei gëtt et eppes ze gewannen. Et gëtt keng Konkurrenz. Häppi Diwwi! Mir rubbelen, datt d'Fatze fléien! Prost! Mir kachen. A brachen op lëtzebuergesch: News Ticker! Flash! News! An ëmmer nees Rediff. Rediff. Rediff. Am Fall, wou een eppes bei der éischter Kéier net verstanen hätt!

**Et geet duer, datt een ongeféier versteet, wat gemengt war. Wichteg ass, datt ee vun allem e wéineg weess. Datt ee matschwätze kann.**

Et muss ee jo wierklech och net ëmmer alles verstoen! Oder? Et geet duer, datt een ongeféier versteet, wat gemengt war. Wichteg ass, datt ee vun allem e wéineg weess. Datt ee matschwätze kann. Et si jo Noochriichten. Duerchschnëttsnoochriichten fir den Duerchschnëttslëtzebuerger. Den Duerchschnëttslëtzebuerger kritt och all Woch vum Dokter Ilres de Bols gefillt. Wat hält 'De Wieler' vun der Lag vun der Natioun? Soss wësse mer jo geschwënn net méi, wie mer sinn a wat mer wëlle bleiwen. Och e klenge Micro-Trottoir an der Foussgängerzon mat dräi Duerchschnëttsfoussgänger soll eis ëmmer drun erënneren: et ass alles

*"Kuck, de Félix! Déi Jovialitéit! Bei äis ass et gemittlech."*



net repräsentativ. Et ass den normalen Duerchschnëtt.

Jidderee kënnt op seng Käschten. Do gëtt et dach souvill Lokales! Esouvill Gemengepolitik. Déi kleng an déi méi grouss Affären. An dofir muss alles an eng hallef Stonn agepaakt ginn. Wie jidderengem et gerecht wëllt maachen mécht kengem et gerecht. Et kann een net jidderengem et gerecht maachen! Och RTL net. E Choix ass ëmmer subjektiv. A besonnesch de journalistesche Choix.

Wichteg ass, datt d'Leit mol iwwerhaapt am Bild sinn. – "Has de gëscht' owend d'lëtzebuerger Noochriichte gekuckt?"

Jo!!!... Et geet ëm d'Freed, dobäi gewiescht ze sinn. Näischt verpasst gehat ze hunn! Et ass een am Bild. D'Bild ass liicht verschwommen, onpräzis. Awer dat mécht näischt. D'Rumm huet een iergendwéi matkritt. Déi sëtzt, déi passt. De Rescht ass verwëscht. Dat Ongeféiert mécht sech zu Lëtzebuerg breet. Ee Gléck, datt et den 'Impakt' an den 'Impuls' gëtt. Mol gëtt do nogefrot. Mol gëtt do méi oder manner grëndlech recherchéiert. Do si laang Sätz erlaabt. E puer Sätz hannert eneen och. Endlech!

An de Noochriichte vun Télé Lëtzebuerg awer sinn d'*petites phrases* Tromp. Dat sinn déi Sätz, déi mär sou gären hunn. Op déi lauere mer all owes. Op déi kënnt et un. D'Salz an der Infozopp. Déi petites phrases sinn aus dem Zesummenhang gerappt. Si hu kee Kapp a kee Schwanz. Awer si hunn hiert Eegeliewen. Eng besonnesch eegen Dynamik. Well duerch eng *petite phrase* entsteet den Dag drop eng aner. Esou gëtt d'Emissioun gefëllt.

**Wat hätten se sech am Owesjournal gelangweilt, wann se vum Oktober 1999 net déi kleng Escher Sätz vu Schaack–Jung–Mutsch–Mischo–Maroldt a Co gehat hätten?**


'Ëm wat geet et?' denken ech mer. 'Wat ass d'Thema?' Well den X muss dach am Interview méi gesot gehat hunn, wéi dat! Awer dat 'Méi' ass net relevant. Et ass dee klenge Saz vum X , deen den Y den Dag drop aus der Reserve lackelt. Mee sou war et jo geduecht! Den Y huet jo och tëscht 19 a 24 Auer Aen an Ouren. An da kontert den Y. Säi gutt Recht! An aus deem sengem Interview hale mer och nëmmen eng petite phrase. Dofir gëtt dem Y seng och aus dem Kontext geschnëppelt. Dem X seng vum Dag virdrun gëtt zitéiert an dem Y senger petite phrase géigeniwwer gestallt. RTL huet e ganze Réservoir vu Petites Phrases. E Lexikon mat klengen Zitater. Klengegkeeten am Zoom. Et kënnt op déi kleng Aussoen un. D'Wourecht läit am Détail. Den Nolauschterer kritt souwisou net alles mat. D'Kanner maachen d'Aufgaben nach. An et gëtt gesäppt! Kuerz muss et sinn. Net ze laang. An d'Hannergronninformatioun geet fleeten! Wat ass dann lo mat där Autobunnstankstell? Wat ass mat de Budgetdépassementer? Kläert dach ee mech op!

Wat hätten se sech am Owesjournal gelangweilt, wann se vum Oktober 1999 net déi kleng Escher Sätz vu Schaack–Jung–Mutsch–Mischo–Maroldt a Co gehat hätten? Wat wären dat langweileg Redaktiounskonferenze gewiescht. Aarme Vic! Lokalpolitik gëtt als Spill verpaakt. Infotainment. Sou schéi kënne Lokalnoochriichte sinn. Wat kann een ausser de petites phrases vun den Escher lokalpolitesche Showspiller soss nach bréngen? Wat?... Näischt! D'Escher Lokalwahl gëtt héichgespillt an op e Spektakel reduzéiert. Op "d'Gedeessems". Telé-Lëtzebuerg lauert op den "Tralala". Heihin mat de klenge Sätz! De Feind lauert mat. E lauschtert. En huet e gudde Verhalt. E passt op wéi e Spëtzbouf, wéi e Spëtzmeedchen, klëmmt op d'héicht Päerd a sëtzt sech den Dag drop an de Suedel vum Top Thema. Esou einfach kënne Noochriichte sinn. Esou einfach an sou spannend. Et ass keng Informatioun. Et ass keng Desinformatioun! Wat ass et dann? Eppes dertëschent. E spektakuläre Kuddelmuddel.

Wat wär nom 10. Oktober zu Esch geschitt, wann RTL net nëmme Juegd op kleng Sätz gemeet hätt? Wéi wären d'Koalitiounsverhandlunge verlaf, wär de méiglechen an onméigleche Koalitiounspartner net iwwert den Ëmwee vun de petites phrases op der Télé gewuer ginn, wat deen een oder aneren den Dag virdru gesot huet, a wann déi petites phrases net aus dem Kontext erausgepickt gi wären, a wann d'Koalitiounsgespréicher net indirekt am Top Thema gefouert gi wären? Wann? ... Elo: Kale Kaffi.

Mee net nëmme fir déi speziell Situatioun zu Esch gëlt de Prinzip: 'Ueleg

"Déi frëndlech, familiär, scho bal privat Atmosphär vum Studio."



op d'Feier'. D'Sträitvulle mussen eraus aus dem Käfeg. Panem et Circenses. D'Politgladiatoren mussen an d'Arena. De Wieler ass Kinnek a Keeser. En hieft den Daum an d'Lut oder hält en erof. Spéider…

'Wat huet den X gesot?' denkt sech den Y rosen. 'Dat kann ech net esou op mer sëtze loossen!' Entweder rifft den Y bei RTL un. Oder RTL rifft bei him un. An de Spektakel geet weider. RTL hëlleft mat beim Dréibuch a féiert Regie. E verdeelt d'Rollen. Mat enger onschëllleger Mine! Mee e verdeelt se. Wien am Prolog vum Stéck 'Escher-Wahlcampagne' zum Beispill e Personnage optriede léisst, deen net méi Kandidat ass, dee weess, datt en net onschëlleg um Epilog ass. Mee vu Schold kann ee jo net schwätzen. Télé-Lëtzebuerg ass un näischt Schold. Mat enger Onscholdsmine hëlleft se mat beim Plot. D'Télé geheit nëmmen d'Aangel an de Pull. Wien sech mam Kreepche fänke léisst, ass selwer Schold.

Wann d'Diskussioun ëm d'Ëmännerung vum Schoulrythmus esou verfuer ass, datt ee bei all deene verschiddene Meenungen net méi weess, wou an a wou aus, da kann nëmmen d'ILReS an RTL aus der Patsch hëllefen. Lo muss den Duerchschnëttslëtzebuerger nees dru gleewen. Den Dokter Margue fillt him de Bols. Mat enger Ëmfro sinn d'Politiker aus dem Schneider. Lo wësse mer, wéi den Hues zu Lëtzebuerg leeft. 71% si fir de schoulfräie Samschdeg. Madame Brasseur! Lo wësst Der, wat Der ze maachen hutt. Maacht mol samschdes fräi! De Rescht gesi mer! Wouhin mat de Schoulstonnen, dat ass elo Äre Béier. Well d'Ëmfro seet, datt d'Majoritéit fir de fräie Samschdeg ass an zegläich fir d'Reduzéierung vun de Schoulstonnen. Den Débat geet weider. Oder affaire à suivre. Et gëtt den Nol nach soubal net op de Kapp. Dat ginn nach vill Top Themen. D'Zizanie steet weider um Programm. No der Devise 'Aus-der-Reserve-lackelen'. Dat klengt Gestëppels. RTL mécht mobil. Dat huet leider näischt mat der Sträitkultur ze dunn, déi iwwerall esou vermësst gëtt. Sträit: dat heescht sérieux Ausernanersetzung a kontrovers Débaten. Nët nëmme Gestéchels!

Mee, anersäits, belieft dat klengt Gestëppels nees grad de fade politeschen Alldag. Télé-Lëtzebuerg bréngt Faarf an d'Spill. De Mond gëtt gespëtzt, awer et gëtt net gepaff. A wou bleift de Suivi vu verschidden Affären? Wat war mam Revolver an der Schoul? Mam Juegdakzident? Wéi steet et ëm d'Affär 'Reuter'?

Télé-Lëtzebuerg ass Champion vum Ongeféieren. Wéi Lëtzebuerg selwer. Mir hunn déi Télé, déi mer verdéngen. Mir iwwerfléien d'Saachen. Mir paken näischt richteg un. An alles schleeft. An alles dauert. Bustrambunn. Industriebroochen. Télé-Lëtzebuerg weist eis de Spigel. All Dag heescht et: 'Kuckt! Esou sidd Der!… An Dir wëllt wierklech bleiwen, wéi der sidd?'

**Ah! Deen ironeschen Toun bei de Froen! Dee witzegen Ënnertoun bei de Commentären! Dacks subjektiv-iwwerspëtzt. Heiansdo onjournalistesch-cabarettistesch. Déi ironesch Bleécker! Déi typesch lëtzebuerger Luussegkeet.**

Ah! Deen ironeschenToun bei de Froen! Dee witzegen Ënnertoun bei de Commentären! Dacks subjektiv-iwwerspëtzt. Heiansdo onjournalistesch-cabarettistesch. Déi ironesch Bléicker! Déi typesch lëtzebuerger Luussegkeet. Déi frëndlech, familiär, scho bal privat Atmosphär vum Studio. De Magazin préparéiert den Terrain. Liewensfreed. Liewensgléck. Lifestyle. De Cactus seet, wat op den Dësch kënnt. Wann de Bäcker Siwentcher beekt, da kafe mer muar Siwentcher. Pützafaba sinn an der Reklamm méi domm, wéi et erlaabt ass. Mee wien ass dat net mol eng Kéier? De Felix verbreet gutt Laun. Huelt herno am Journal net alles sou eescht. Haalt iech monter! Ech schwätzen eng cool Sprooch. An e puer Minutte gëtt et grad sou flott. Bleift bei äis! Schalt net ëm. What a wonderfull world! Wann do net déi Iwwerschwemmung an déi Hongersnout wären!

A mir spenden! D'Télé Lëtzebuerg erfëllt eng besonnesch Fonktioun. RTL ried äis an d'Gewëssen. Wie kéint besser Appel un eist Matleed maachen? D'Biller hunn an deem Fall méi eng grouss Iwwerzeegungskraaft wéi d'geschriwwent Wuert.

RTL mécht d'Meenung. D'Luxemburger Wort mécht se scho laang net méi. Den Zuch fir Déi Nei Télé ass fort. D'Leitartiklen am Wort hunn net méi déi Bedeitung an den Afloss op d'Leit wéi fréier. D'tageblatt mécht d'Meenung och net. D'Zeitungen hunn et schwéier. A wa Gewerkschaftler a Politiker soen, si hätten "e gestéiert Verhältnis zu der Press", da mengen s'ëmmer indirekt d'Télé Lëtzebuerg. Do kommen s'entweder gudd ewech oder schlecht! Meeschtens reegen se sech op, wann se schlecht ewech kommen. Ganz mënschlech. Da schwätzt de Juncker souguer vun engem "krankhafte Voyeurismus", wann d'RTL-Journalisten de Politiker zevill op den Zant fillen. All Dysfonktionement muss a soll plombéiert ginn. RTL ass kee kranke Voyeur. RTL ass e gesondamontere Stëppler. Mat engem Feierkreepchen. Scoopscoop!!

Ech hunn et scho gesot an ech bleiwen derbäi. Den Owesjournal ass de verlängerten Aarm vum lëtzebuerger Staminet. D'Politik entscheet sech um Stammdësch an am Top Thema. Do geet et vun Hëppches op Haapches. Do gëtt verbal gesäppt. Et gëtt näischt ausdiskutéiert. Et gi Saachen nëmmen ugeschniddden. Et gin Themen neeleg beréiert. D'ganz Weltpolitik gëtt iwwerflunn. Et geet queesch duerch d'Ländchen. De Vic ass e routinéierte Routier. Op der Aire de Berchem gëtt et nëmmen e kuerzen Halt. An nees weider. Bei dat nächst Akzident! Séier! Wou lauert den nächste Stau? Séier! Ruckzuck!

Och um lëtzebuerger Staminet sëtzen d'Helden vun der Petite Phrase. Den Owesjournal suergt fir d'Gespréich am Land. – 'Wat huet e gesot? Ei! Déi souz! Déi ass en sech siche gaang!' … Mir si Champion vum Flou. Vum lëtzebuerger Flou 'artistique'. D'Télé-Lëtzebuerg spigelt deen nationale Flou zréck. Mam Flou journalistique.

Rediff. Rediff. Rediff.

An dach léisst RTL mol eng Rediffussioun falen a bréngt Football oder Films made in Luxembourg. Do klappen d'Synergien. Wann et fir d'Union luxembourgeoise des Producteurs Audiovisuels zum Beispill méiglech ass, zesumme mat RTL lëtzebuerger Filmproduktiounen ze weisen, firwat geet

RTL kulturell dann net méi wäit? Nei Weeër! Eng Stonn fir dat kulturellt Lëtzebuerg: Museksémissiounen. Konschtémissiounen. Geschichtsémissiounen. Wéi wär et mat enger Synergie tëscht der Fédération luxembourgeoise des théâtres professionnels - ënnert anerem - an et weist ee kleng a grouss Theaterproduktiounen. Déi Emissiounen musse jo net vun 80% vun den Duerchschnëttskuckerte gekuckt ginn. Tëschent 22.oo an 23.oo. Zum Beispill. Eng Rediffusioun vum Magazin + Journal pro Dag kéint een dach fale loossen, oder net? Wéi ass et mam Cahier des charges vun RTL? Gesäit deen net vir, datt méi fir d'Promotion culturelle gemeet misst ginn? Déi zwanzeg Minutten RTL Kultur samschdes ginn net duer. Et geet och net duer, déi kulturell Noochriichten am Owesjournal kuerz anzebauen. Am Kulturberäich gëtt et keng Scoopen. An der Kultur maachen d'petites phrases kee Sënn. E klenge Saz aus engem Buch oder aus engem Theaterstéck oder aus engem Orchesterstéck – aus dem Kontext gerappt – gëtt keng Sensatioun.

Et ass Ouschterméindeg, de 24. Abrël 2000. 23 Auer a 27 Minutten. Um 23. 30 kënnt d'Rediffusioun vum Journal. Sou steet et mol am Televisiounsprogramm. Ech freeë mech. Kucke mer mol, watfer kleng Téin d'Péckvillercher haut gespaut hunn. Ech drécken de Knäppchen. Merde! Si hunn nees iwwerzunn. Do bëselt d'Françoise – brahmgesponsert – duerch e Centre commercial. Hannert enger Duerchschnëttslëtzebuergerin, déi eng Rees op Wien gewanne wëllt. De Chef muss hir nach fräi ginn. Mécht en et oder net? Nee, wierklech! Den Här Geiben gëtt hir fräi! Super! An ech kennen en! Op der Tëllé kennt een ëmmer iergendeen erëm. Virun enger Zäit huet den Här Geiben mir nach Boxen an Hiemer verkaf. Mir sinn eng grouss Famill. Ech muss u meng Kanner denken: – "Mir sinn haut gefilmt ginn. An der Héngerausstellung. Am Naturmusée." Mir haten déi ganz Woch gekuckt, wéini se dann lo kéimen, d'Hénger an d'Kanner! D'Hénger koumen. D'Kanner net.

**Télé-Lëtzebuerg ass Champion vum Ongeféieren. Wéi Lëtzebuerg selwer. Mir hunn déi Télé, déi mer verdéngen. Mir iwwerfléien d'Saachen. Mir paken näischt richteg un. An alles schleeft. An alles dauert. Bustrambunn. Industriebroochen. Télé-Lëtzebuerg weist eis de Spigel. All Dag heescht et: 'Kuckt! Esou sidd Der!… An Dir wëllt wierklech bleiwen, wéi der sidd?'**

Soll ech mech dann lo iergeren?

Ech iméilen dem *forum* mäin Artikel!

**Jhemp Hoscheit**

* De Jhemp Hoscheit ass Schrëftsteller a säppt gär.

NOUS NE GASPILLONS PAS
NOTRE ARGENT EN PUB!

co-labor